



Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2024


## ***Geschichtlech-naturalistesche Wanderung iwwert de neie Mansfeldwee Samschdes de 4. Mee um 14.30 Auer***

***Léif Frënn vum natur musée***

***Chers Amis du Musée national d'histoire naturelle***

Dir sidd häerzlech invitéiert op eng geféiert Wanderung iwwert de neie Mansfeldwee an der Stad Lëtzebuerg, Samschdes, de 4. Mee 2024.

**Rendez-vous an Depart ass um 14.30 Auer bei der Entrée an de Mansfeldpark**, virun der Clausener Kierch (Busarrêt Ste. Cunégonde).



Op dem bal 5 km laange Wee féiert eis de ***Jean-Luc Mousset vun den Amis du Château de Mansfeld***, Historiker a fréiere Conservateur am Geschichts- a Konschtmusée vum Fëschmaart, duerch d'Lännereie vum Grof Mansfeld a Clausen an d'Bëscher ronderëm. Vun uewe gëtt engem d'Herrlechkeet vum Site „La Fontaine“ um Enn vum 16. Jorhonnert, mat senger Gäert réischt richtig bewosst.

Och d'Bëscher bis op de Fetschenhaff a bei d'Dräi Eechelen, vum Mansfeld als Juegdgebidd aménagéiert, hunn zum groussen Domaine gehéiert a bidden haut mat de ville Maueren, Fielsen a Planzen eng lescht natierlech Reserve fir Déieren a Planzen.

***D'Catherine Faber vun de Frënn vum natur musée***, Biologin mat enger Leidenschaft fir d'Vegetatioun op de Fielsen a Maueren an der Stad, weist eis déi grouss Biodiversitéit déi een hei an der Natur, mee och am Quartier selwer nach ka fannen.

De Wee féiert iwwer Stroossen, vill Träpchen a Bëschweeër! Dauer: +/- 2,5 St.

**Umeldung:** Sidd der un dëser Wanderung interesséiert, mellt lech w.e.g. un ***iwwert eisen Umeldungsförmulaire (Umeldungen; ganz uewe rechts) um Internetsite: [www.amnhn.lu](http://www.amnhn.lu)*** bis späitstens den 30. Abrëll!

**Onkäschtebäitrag:** 8 €, z'iwwerweisen op eise Postscheckkonto, *nodeems* Är Participatioun confirméiert gouf!

Merci fir Ären Interessi a mat beschte Gréiss vum ganze Comité!

*Geneviève Faber, Sekretärin*

**Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg  
tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**